

Lëtzebuerg, de 26. Mee 2020

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

- datt zënter dem Ufank vun de 60er Joren déi rechtlech Situatioun vun eisem Land am Hibléck op méiglech Entschiedegungen am Fall vun engem nuklearen Accident net gereegelt gouf;
- datt et eng Rei vun internationale Konventiounen gëtt, déi spezifesch déi sougenannte „Responsabilité civile en matière nucléaire“ betreffen;
- datt Lëtzebuerg e puer international Konventiounen a bilateral Verträge an dëser Matière ënnerschriwwen awer bis haut nach net ratifizéiert huet;
- datt de Bäitritt zu dëse Konventiounen d'Rechtssécherheet vu Lëtzebuerg an dësem Beräich géing direkt, däitlech an op eng gläfwierdeg Manéier verbesseren.

Fuerdert d'Regierung op:

- a. der Chamber méiglechst séier Gesetzesprojete virzeleeën iwwer d'Ratifizéierung vun dëse Rechtsinstrumenter:
  - Convention de Paris sur la responsabilité civile dans le domaine de l'énergie nucléaire du 29 juillet 1960, amendée par le Protocole additionnel de 1964 et le Protocole de 1982 (Convention de Paris);
  - Protocole portant modification de la Convention de Paris du 12 février 2004, (Convention de Paris modifiée);
  - Convention complémentaire à la Convention de Paris sur la responsabilité civile dans le domaine de l'énergie nucléaire du 31 janvier 1963, amendée par le Protocole additionnel de 1964 et le Protocole de 1982, (Convention complémentaire de Bruxelles);
  - Protocole portant modification de la Convention complémentaire de Bruxelles du 12 février 2004, (Convention complémentaire de Bruxelles modifiée);

an all aner international Konventiounen, déi d'Rechtssécherheet vu Lëtzebuerg am Beräich vun der Indemniséierung no eventuellen nuklearen Tëscheffäll kéinte verbesseren, ze ratifizéieren;

- b. de bilaterale Vertrag mat Frankräich, deen de 17. Mäerz 1978 vun deenen Häre Gaston Thorn an de Guiringaud ënnerschriwwe gouf, (Convention entre le Gouvernement de la République Française et le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg pour la réalisation et l'exploitation de certaines implantations industrielles sur la Moselle) nozeverhandelen, fir en ze aktualiséieren an en dono der Chamber fir eng Ratifizéierung virzeleeën;
- c. ze préiwen, ob Lëtzebuerg selwer all Moosname geholl huet, fir déi Konsequenzen a Verpflichtungen ze droen, déi et am Fall vun engem nuklearen Accident eventuell selwer ze droen hätt, z.B. am Kontext vun der Loftfracht oder vun Transporter op Schëffer ënnert Lëtzebuurger Fändel, an der Chamber doriwwer bannent sechs Méint e Rapport ze maachen.